Nodeems mir am leschte Bulletin eis nei Rubrik “sne seniors” virgestallt hunn, ass et haut un der Zäit, fir e puer Saachen ze erklären. Den **Aarbechtsgrupp**, dee sech ëm d’Senioren (Memberen ab 55 Joer) am SNE/CGFP bekëmmere soll, besteet momentan aus 6 Memberen. Et sinn dat de Laurent Berck, de Nico Eich, d’Christiane Haller-Feith, de Claude Ries, de Claude Schmit an de Jos Vesque. Mir treffen eis reegelméisseg, fir e Programm fir eis eeler Memberen auszeschaffen a fir déi Saachen ze beschwätzen, déi dëse Memberen um Häerz leien.

An eiser leschter Versammlung hu mir e puer Aktivitéite geplangt, déi mir iech haut wëlle virstellen:

1. Et geet lass mat engem **Trëppeltour** duerch de Walfer Bësch bei déi ominéis “Raschpëtzer”. Woubäi et sech dobäi handelt, kënnt dir scho mol um Internetsite http://www.sitwalfer.lu/Raschpetzer.html nokucken. Vill méi interessant ass et awer, un där kuerzer Wanderung deelzehuelen, virun allem, well mir fir d’Erklärungen zu dësen interessante Bauwierker e kompetente Guide hunn. Wéi den Tour dann no der Visitt vun den Anlage weidergeet, hänkt net nëmme vun der Situatioun vun der Pandemie of, mee och vum Wieder an der Loscht, eventuell nach weider ze trëppelen. Ideal wär et, wa mir duerno kéinten zesummen e Patt drénke respektiv e Maufel iessen. Den Datum vun dëser Aktivitéit ass en **Dënschdeg, den 1. Juni 2021** ëm 15 Auer. Dir kënnt iech vun elo un **umellen** op sne@education.lu. De Moment ass d’Zuel vun de Participanten nach begrenzt, duerfir zéckt net laang, sou kënnt dir d’Waardelëscht vermeiden. Op alle Fall kritt Dir virdru souwuel eng Confirmatioun wéi och genee Detailer iwwert eisen Tour.
2. An dësen Zäiten ass ee frou, wann een net nëmme mat sengen AarbechtskolleegInne via déi elektronesch Medie ka kommunizéieren, mee och mat der Famill an de Frënn. Duerfir bidde mir e **Cours** un iwwert déi gängeg Plattformen, déi déi sougenannte **“Videocalls”** ubidden. De Cours soll am Laf vum Mount Juni stattfannen. Weider Detailer ginn et am nächste Bulletin oder via Courrier.
3. E **Méindeg, den 11. Oktober 2021** ëm 17 Auer organiséiere mir eisen éischte **“Bistrot littéraire”**, wou et ëm zwou Saache geet:
   - eng Liesung mat Diskussioun a Froe mat engem bekannte Lëtzebuerger Auteur
   - e gemittlecht Zesummesinn mat Gepoters, engem Patt an engem klenge Maufel.

Heizou ginn et weider Detailer an engem vun den nächste Bulletine.

Cours : Zoom, Teams & Co.

Ëmgang mat dësen
an änleche Kommunikatiounsmëttelen

Zilgrupp : Membere vu 55 Joer un

Virkenntnis : keng

Ch. de cours : Benoît Krier

Dauer : 2 Coursë vun annerhallef Stonn

Datum :

Méindeg, 14.6. vu 17 Auer bis 18 Auer 30
Méindeg, 21.6. vu 17 Auer bis 18 Auer 30

Plaz : Konferenzsall vum SNE/CGFP
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

Zuel : Maximum 12 Persounen (ab 13 Umeldunge gëtt eng Waardelëscht opgestallt)

Umeldung : sne@education.lu
(d’Participantë kréie via Mail
eng Confirmatioun)